ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

ADR-Nationalkongress ofgesot

Pressematdeelung vum 13. Mäerz 2020

Eng Epidemie iwwert grouss Deeler vun der Welt ass näischt, fir ze spaassen. D'ADR ass beméit, an dëser Kris esou gutt wéi méiglech ze hëllefen. Aus deem Grond huet d'Partei decidéiert, hiren Nationalkongress, dee fir den 29. Mäerz programméiert war, fir onbestëmmten Zäit ofzesoen.

Eis konstruktiv Approche weist sech an eiser parlamentarescher Aarbecht. De Gast Gibéryen huet schonn en Donneschdeg zwou Aktualitéitsstonne gefrot, déi elo en Dënschdeg mat enger weiderer Aktualitéitsstonn an enger Regierungserklärung zum Sujet de ganze Chamber-Nomëtteg anhuelen. Och de Roy Reding an de Jeff Engelen hu sech mat der Krisesituatioun beschäftegt. An enger gemeinsamer, drénglecher Fro hu si sech mat aarbechtsrechtlechen Aspekter befaasst. Et ass nämlech esou, datt e Patron, dee präventiv Mataarbechter doheem léisst, well si vläicht aus engem Krisegebitt kommen oder Krankheetsunzeechen hunn, selwer fir d'Onkäschten an de Verloscht muss opkommen, an dat net iwwert Krankeschäin oder Congé ofrechne kann.

Eng weider drénglech Fro vum Roy Reding betrëfft déi disparat Léisungsusäz. Esou ass den ADR-Deputéierten iwwerrascht, datt engersäits Fussballmatcher ënner fräiem Himmel vun der FLF ofgesot ginn, datt awer den ëffentlechen Transport an deelweis iwwerfëllte Gefierer an also an Epidemieszäiten ënner geféierleche sanitäre Konditioune weidergeet. Zu deene schwéier novollzéibaren, disparaten Decisioune rechent de Roy Reding och, datt d'Chamber weider normal fonctionéiert.

Et ass net vir Panik ze maachen. Bei esou enger Gesondheetskris heescht et, d'Verbreedung vum Virus esou gutt an esou séier wéi méiglech ze stoppen, Risikogruppen ze schützen an d'Ofklénge vun der Krankheet ofzewaarden. Do hëlleft e rouege Kapp a keng Panik.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706